



Rapport Referees' Commission - 18.10.2022

Present : Frieseisen, Geib, Kröpelin, Nesser, Simonelli, Volz, Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Frieden, Keiffer

1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 30.08.2022.**

2) **Indemnitét Arbitrage :**

Den 13. Oktober war eng Versammlung mat de Clibb fir déi lescht Onkloerheeten ze klären. D'RefCom freet den CA, fir an der nächster Zäit e Referendum ze lancéieren, fir iwwert déi nei proposéiert Tariffer an aner Ännerungen déi diskutéiert goufen, ofzestëmmen.

3) **Arbitteraustausch :**

De Patrick Simonelli hat den 20. Oktober eng Videokonferenz mam Arbitterchef vum Wiener Handballverband fir den Austausch fir d'Saison 2022-2023 ze koordinéieren

4) **Arbitter Uniformen :**

Aus Mangel un engem neie Sponsor fir d'Arbitter gëtt des Saison nach mat de selwechten Uniforme gepaff. Hei sief awer erwänt, dass de Logo vum Sponsor net méi zwéngend muss op der Uniform sinn.

5) **Cycle supérieur – A-Schäin :**

Den theoreteschen Deel vum A-Schäin konnt endlech no laanger Zäit (Corona bedéngt) ofgeschloss ginn. Déi verschidde Kandidaten maachen dann elo hire prakteschen Deel bis zum Examen. Si ginn an nächster Zäit an deene Kategorien agesat déi dofir a Fro kommen.

6) **Cycle inférieur – C-Schäin :**

Och d'Kandidate vum C-Schäin haten hiren theoreteschen Test. 6 nei Arbitter, 1 Arbitter den e Schäin an Däitschland gemaach huet an ee Lëtzebuerger Arbitter den sech reaktivéiert huet ginn elo mat engem Tuteur op Matcher agesat. Leider hunn awer och 3 Kandidaten d'Bengele bei d'Tromm geworf.

7) **Spiller-Arbitter :**

D'RefCom ass frou iwwert all Arbitter, och wann se just heiansdo Zäit hunn. An dem Kontext wëlle mir awer drop opmierksam maachen, dass een Arbitter (oder 2 zesammen) e Minimum vun 20 Matcher päife muss fir nom Artikel 20 (Code du Handball) gezielt ze ginn. Hei zielen d'Championnatsmatcher U13-U15 NET.

8) **FU18 - HBD**

Aus Assurance Grënn kann déi franséisch Federatioun keng Arbitter op Lëtzebuerg schécken, fir d'Heemmatcher vum HBD am franséische Championnat ze leeden. Weiderhin verlaangen si eng offiziell Nominatioun vun den Arbitter fir déi Matcher oder een „tirage au sort“ wéi dat bei hinne virgesinn ass, wa keen Arbitter do ass. Op Ufro vum HBD wäert d'RefCom des Matcher mat engem offiziellen FLH-Arbitter besetzen. D'Indemnitét fir d'Arbitter bei deene Matcher ass op 30 € + KmGeld festgesat ginn.

Nächst RefCom Dënschdes den 29. November 2022 um 18h30 zu Stroossen.